INVITATIOUN

Nom grousse Publikumserfolleg op hirer Liestournée, kommen de Jules Arpetti an de Jhemp Hoscheit mat hirer kabarettistescher Liesung de 24. Mäerz 2017 um 20 Auer an de Festsall vum LGE. D'APELGE, d' AVEK, an de Proffecomité vum LGE invitéiren heimadden op:

Sorry fir deen Duercherneen!

2016 ënner d'satiresch Lupp geholl

Text: Jhemp Hoscheit
mam: Jules Arpetti a Jhemp Hoscheit

Et ass eng kabarettistesch Liesung iwwert dat, wat 2016 national an international geschitt ass. De Jhemp Hoscheit – zesumme mam Jules Arpetti – maachen e polit-satiresche Réckbléck, eng ofwiesslungsräich Chronik iwwert d'Aktualitéit vum vergaangene Joer mat bëssegen, kriteschen a wuertwitzege Commentären. Et ass eng Liesung wéi aus engem Roman. Aus engem Goss. Et ass awer keng Fiktioun, mee d'Realitéit. Mount fir Mount. An och wann d'Aktualitéit net ëmmer lëschteg war, gëtt se mat Humor an Ironie op d'Schëpp geholl. Et si keng eenzel Zeenen, keng Sketcher, mee et ass en zesummenhängenden Text, a Form vun engem flotte Rollespill. Dee satiresche Spaass gëtt nach mat Lidder a mat musikaleschen Uspillunge vum Jules Arpetti opgelackert.

De Jhemp Hoscheit, deen Enn vun den 80er Jore mam Jemp Schuster als *J(h)emp*^{2} opgetratt ass, an de leschte Jore mat senge Romaner mam Jules Arpetti op véier Liestournéeë war a fir déi lescht véier *Cabarenert*-Programmer matgeschriwwen huet, huet elo fir d'éischt e ganze Cabaretprogramm geschriwwen, deen op Tournée geet an op den éischte Virstellungen e grousse Publikumserfolleg war.

Fraien Entrée.